N°7877
Entrée le 11.04.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 11.04.2023

**Groupe parlementaire**

Här Fernand Etgen

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 11. Abrëll 2023

Här President,

Esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Banneminister weiderzeleeden.

Den 22. Mäerz 2023 war op RTL ze liesen, datt, nodeems d'Resultater vun dräi Auditten an enger Kommiteesreunioun vum "SIGI" (Syndicat Intercommunal de Gestion Informatique) virgestallt goufen, de laangjärege President vum SIGI seng Demissioun eraginn huet.

An engem Audit ass et ëm d'Gestioun vum Personal gaangen, wou Mobbingreprochë géint d'Personal am Raum stoungen. 40 Prozent vun den Mataarbechter hu gesot, si wiere selwer schonn Affer vun engem Konflikt gewiescht, a méi wéi all Zweeten huet gesot, hie wier Zeie vun engem Konflikt gewiescht. Och d'Transparenz am Beräich vun der Gestion financière gouf auditéiert. Am finalen Audit gouf d'Zefriddenheet vun de Clienten analyséiert: Do gouf eng grouss Onzefriddenheet bei de grousse Gemenge festgestallt.

An deem Zesummenhang géif ech der Regierung gär folgend Froe stellen:

1) Wéi eng Konsequenzen gët et fir d'Personalféierung am SIGI?
2) Wéi kann et sinn, dass op Basis vun der Buchféierung keng richteg finanziell Analys konnt gemaach ginn?
3) Wéi eng Konsequenze sinn aus dem finanziellen Audit gezu ginn?
4) Kann d'Madamm Minister matdeelen, wéi de SIGI ka méi transparent ginn a wéi d'Strukture reforméiert ginn, fir méi Onofhängegkeet a méi Kontroll ze erméiglechen? Wéi solle méiglech Interessekonflikter an Zukunft verhënnert ginn?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten